**Charta Breaker (Text: Ralph, Toun: Jonas)**

Lief däi Liewe, ma däi Wee, gëff däi Bescht, d´huet keen der zwee…

Lief däi Liewe, ma däi Wee, gëff däi Bescht, d´huet keen der zwee…

--------------------

Respekt fir Jonk, Respekt fir Al, Manéiere sinn eis net egal.

Well trëfft een op en oppent Ouer, gëtt d´Häerz méi liicht, et ass dach wouer.

Mer hëllefen, mer si gerecht, mer ginn de ganzen Dag eist Bescht.

Du wäerts gesinn, et ass net schlecht, wann eng Hand déi aner wäscht!

Keng béis Wierder an net schloen, mee fir d´Frënn duerch d´Feier goen.

Mir mussen eis zesummen dinn, well mir staark zesumme sinn!

----------------------------

Sinn dir d´Welt an d´Mënsche wichteg, da bass du hei zu Walfer richteg.

Zesumme si mir staark an dichteg, dee Message, deen ass ons wichteg!

Moie, merci, wann ech gelift , dräi Wierder déi de Mënsch gär rifft.

Ruff se an du wäerts et mierken, déi kënne glat e Wonner wierken.

Denk drun d´Seefen ze benotzen an dru brav deng Zänn ze botzen.

Geméis an Uebst hält eis gesond, dat huet ons Joffer net erfonnt.

Planzen, Déieren sinn eist Iewen, ouni kann d´Natur net liewen.

Knascht an d´Poubelle, sich déi richteg, Recycling gëtt all Dag méi wichteg.

Sief e Virbild, sief en Held, fir deng Noperen an d´ganz Welt.

Sief e Gudden, setz en Zeechen, gleef drun du kanns vill erreechen!

--------------------------------------

Sinn dir d´Welt an d´Mënsche wichteg, da bass du hei zu Walfer richteg.

Zesumme si mir staark an dichteg, dee Message, deen  ass ons wichteg!

Moie, merci, wann ech gelift, dräi Wierder déi de Mënsch gär rifft.

Ruff se an du wäerts et mierken, déi kënne glat e Wonner wierken.

--------------------------------------------------

Lief däi Liewe, ma däi Wee, gëff däi Bescht, d´huet keen der zwee…

Lief däi Liewe, ma däi Wee, gëff däi Bescht, d´huet keen der zwee…